



Här Claude Wiseler

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. August 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationnsminister weiderzeleeden.

Den eBac gouf 2005 als Form vun E-Learning am Lëtzebuerger Schoulsystem agefouert. Zënter dem Schouljoer 2018/2019 gëtt déi méi breet gefächert Offer ënnert dem Numm eCampus gefouert. Laut den offiziellen Informatiounen vum Ministère gëtt den eCampus am Kader vun der 2e voie de qualification gefouert a gëtt domat der Formation des adultes zougerechent. Gläichzäiteg riicht sech d'Offer laut der eCampus-Plattform net nëmmen un Erwuesseneren, mee ënner anerem och u Sportler, Museker an Décrocheuren.

Aus dem Aktivitéitsrapport 2023 vum Educationnsministère geet ervir, datt den eCampus fir d'Rentrée 2023/2024 un de Bouneweger Lycée, rattachéiert gouf. Op der Internetsäit vum Bouneweger Lycée gëtt den eCampus méttlerweil als eng vun der Lycée ugebuede E-Learning-Plattform presentéiert. Och verschidden administrativ Prozeduren vum eCampus lafen iwwer d'Sekretariat respektiv de SePAS vum Bouneweger Lycée.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Educationnsminister stellen:

- Wat ass de rechtlechen Statut vum eCampus/eBac? Op wéi enger gesetzlecher oder reglementarescher Basis gëtt dës Offer organiséiert?
- Aus wéi enge Grënn ass den eCampus/eBac bei der Formation des adultes respektiv der 2e voie de qualification ugesidelt, obwuel sech d'Offer och u méi jonk Schüler, Sportler, Museker oder Décrocheuren riichte kann?
- Wat bedeit konkret de Rattachement respektiv d'Zesummenaarbecht mam Bouneweger Lycée? Wéi sinn d'Kompetenzen tëscht dem Lycée, dem Service de la formation des adultes an dem Ministère opgedeelt, notament wat déi pädagogesch Direktioun, d'Aschreiwungen, d'Personal an d'Examen ugeet?
- Wéi vill Persounen waren an de leschte fënnef Schouljoren um eCampus/eBac ageschriwwen? Kann den Här Minister dës Zuelen no Schouljoer opschlësselen an dobäi och d'Zuel vun den Ofbréch an den erfollegräichen Ofschlëss uginn?



Här President, bieten ech lech, main déifste Respekt unzehuelen.

Diane Adehm



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4615 vun der honorabeler Deputéiert Diane Adehm**

**1. Wat ass de rechtlechen Statut vum eCampus/eBac? Op wéi enger gesetzlecher oder reglementarescher Basis gëtt dës Offer organiséiert?**

Den *eBac* gouf 2005 am Kader vun der Formation des adultes an der 2e voie de qualification agefouert. Et sief hei op zwee Gesetzter verwisen, déi esou eng Offer ausdrécklech virgesinn. Fir den Enseignement secondaire classique ass dëst den Artikel 44 vun der *Loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement secondaire classique* (« Dans le cadre de l'enseignement secondaire classique, des cours à l'intention des adultes peuvent être organisés en collaboration avec le Service de la Formation des Adultes. »). Fir den Enseignement secondaire général handelt et sech ëm den Artikel 2 vun der *Loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général* (« Dans le cadre de l'enseignement secondaire général, des cours du soir peuvent être organisés à l'intention des adultes. »).

D'Offer vum *eBac* ass progressiv weiderentwéckelt ginn a gëtt zanter 2018/2019 ënnert dem Numm *eCampus* gefouert. Dës Offer erméiglecht et, déi offiziell Programmer vum Enseignement secondaire an enger flexibeler a modularer Form ze suivéieren.

Et handelt sech dobäi net ëm eng eegestänneg Bildungsstruktur, mee ëm eng spezifesch Formationsoffer vum Service de la formation des adultes (SFA), an zwar ëm een Distanzunterricht a Form vu *blended-learning*. D'Fonctionnementsmodalitéite vum *eBac* goufen intern definéiert an am Laf vun de Jore weiderentwéckelt.

**2. Aus wéi enge Grënn ass den eCampus/eBac bei der Formation des adultes respektiv der 2e voie de qualification ugesidelt, obwuel sech d'Offer och u méi jonk Schüler, Sportler, Museker oder Décrocheure riichte kann?**

Déi ursprénglech Usiidlung beim SFA erkläert sech doduerch, datt den *eBac* als Offer vun der 2e voie de qualification konzipéiert gouf, déi sech un Erwuessener riicht, déi eng Qualifikatioun vum Enseignement secondaire nowiese respektiv nohuele wëllen.

Am Laf vun de Joren huet sech erausgestallt, datt dës Offer och interessant kéint si fir Léierender mat anere spezifesch Besoinen oder Contrainten, notament Décrocheuren, Sportler oder Museker. Dës Entwécklung gëtt bei der aktueller institutioneller Reorganisatioun vum *eCampus* berücksichtegt.

**3. Wat bedeit konkret de Rattachement respektiv d'Zesummenaarbecht mam Bouneweger Lycée? Wéi sinn d'Kompetenzen tëscht dem Lycée, dem Service de la formation des adultes an dem Ministère opgedeelt, notament wat déi pädagogesch Direktioun, d'Aschreiwungen, d'Personal an d'Examen ugeet ?**

Den *eCampus* ass administrativ un de Bouneweger Lycée (BLL) rattachéiert. Am Kader vun der aktueller Reorganisatioun ass virgesinn, d'Responsabilitéit fir den *eCampus* beim BLL an domat bei der Direction générale de l'enseignement secondaire ze regroupéieren an déi institutionell Usiidlung

deementspriechend unzepassen. D'Aschreiwunge ginn iwwer den *eCampus* an de BLL geréiert, de Secrétariat gëtt vum BLL assuréiert an d'Examen ginn am BLL organiséiert.

4. **Wéi vill Persounen waren an de leschte fënnef Schouljoren um *eCampus*/eBac ageschriwwen? Kann den Här Minister dës Zuelen no Schouljoer opschlësselen an dobäi och d'Zuel vun den Ofbréch an den erfollegräichen Ofschlëss ugeinn?**

D'Entwécklung vun der Zuel vun de Persounen, déi an de leschte fënnef Schouljoren um *eCampus* ageschriwwen waren, ass folgend :

| <i>Schouljoer</i> | <i>Inscriptiounen</i> |
|-------------------|-----------------------|
| 2020-2021         | 258                   |
| 2021-2022         | 205                   |
| 2022-2023         | 237                   |
| 2023-2024         | 296                   |
| 2024-2025         | 354                   |

Wat d'Resultater beim Examen de fin d'études secondaires ugeet, war d'Situatioun an de leschte fënnef Joer folgend :

| <i>Schouljoer</i> | <i>Inscriptiounen</i> | <i>Réussites</i> | <i>Echecs</i> | <i>Taux de réussite</i> |
|-------------------|-----------------------|------------------|---------------|-------------------------|
| 2025              | 21                    | 17               | 4             | 81 %                    |
| 2024              | 14                    | 13               | 1             | 92 %                    |
| 2023              | 7                     | 7                | 0             | 100 %                   |
| 2022              | 10                    | 10               | 0             | 100 %                   |
| 2021              | 12                    | 12               | 0             | 100 %                   |

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH